LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 13:33, 18/02/2021

Luxembourg, le 18 février 2021

Réf. : 836xc0f63

Concerne: Question parlementaire n° 3492 du 21 janvier 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3492 du 21 janvier 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Vaccination prioritaire pour les personnes présentant des pathologies à "haut risque"".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX
Premier Conseiller de Gouvernement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3492 du 21 janvier 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Vaccination prioritaire pour les personnes présentant des pathologies à "haut risque"".

1. Kann d'Regierung confirméieren, datt si Leit, déi duerch Virerkrankungen oder hir Krankheetsgeschicht vulnerabel sinn, och als prioritär bei den Impfungeconsidereiert?

Op Basis vun den Avis'en vun der Commission nationale d'éthique an dem Conseil supérieur des maladies infectieuses, huet den Regierungsrot den 29. Januar 2021 den weideren Verlaf vun der Impstratégie festgehalen. Den weideren Verlaf baséiert op 5 zousätzlechen Phasen fir déi eng Prioritisatioun op Basis vun Alter an vum Vulnérabilitéitsgrad vun den Leit festgehalen ginn ass. Den Conseil supérieur des maladies infectieuses huet fir all Krankheetsgeschicht an Virerkrakung eng Propositioun ausgeschafft an wéi enger Phase dës Leit missten geimpft ginn. Den Tableau mat der Prioritisatioun vun den verschiddenen Phasen ass op www.covid19.lu ze fannen.

2.Wann jo, wéi a wou kënnen dës Leit, vun deenen eenzeler sech vläicht wëllen esou séier ewéi méiglech impfe loossen, sech melle fir prioritär behandelt ze ginn? Wéi eng Prozedure sinn hei virgesinn?

Déi Leit déi op Gronn vun Virerkrankungen oder aneren Krankheetsbiller an d'Phase 2 vun der Impfstratégie falen wäerten an deenen nächsten Wochen, wann déi éischt Phase vun der Impfkampagne bis ofgeschloss ass, eng Invitatioun fir sech impfen ze loossen kréien. Dës wäert am Laf vum Mount Mäerz den Fall sinn ënnert der Bedingung datt bis dohinner genuch Impstoff disponibel ass.

Den Gesondheetsministère wäert am Virfeld d'Leit doriwwer informéieren ab wéini si bei hiren Médecin traitant (Hausdokter oder Spezialist) goen kënnen fir hier Vulnérabilitéit attestéieren ze loossen. Fir den Moment mécht et nach keen Sënn sech sou en Certificat vun sengem Médecin traitant ausstellen ze loossen.

3.Ass et richteg, datt Dokteren hinnen zwar gesondheetlech Problemer kënnen attestéieren, awer keng Méiglechkeet hu fir si, op Wonsch vum Patient, fir eng prioritär Impfung virzeschloen? Wéi kënnen d'Doktere hei eng Méiglechkeet kréie fir Leit als prioritär ze proposéieren?

Wann déi gesondheetlech Critèren déi en Médecin traitant bei engem Patient attestéiert eng Vulnérabilitéit duerstellt sou wéi se an der Phase 2 vun der Impfstratégie festgehalen ass duerstellt, wäert dës Persoun och prioritär kënne geimpft ginn. Wann Sie awer eng Vulnérabilitéit opweist déi réischt an enger spéiderer Phase vun der Impfstratégie déclinéiert ass, kann Sie eréischt geimpft ginn wann des Phase bis drun kënnt.